N°4050
Entrée le 05.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 4050 vum 6. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Dan HARDY.**

**1. Firwat huet d'Regierung dee fräiё Poste vun engem Member vum Verwaltungsrot fir e puer Méint vakant gelooss, obwuel an där Zäit wichteg Entscheedunge getraff goufen ?**

Wéi ech och an der Reunioun vun der Mediekommissioun vum 12. Mee 2026 schonns gesot hunn, ass et mir bei der Nominatioun vun engem Member vum Verwaltungsrot vun der ALIA wichteg, en oppenen an transparente Prozess ze garantéieren. Nodeems d'Informatioun virlouch, dass e Member demissionéiert huet, goufe Gespréicher gefouert, souwuel mat der concernéierter Persoun, wéi och mat den Organer vun der ALIA. Doropshi gouf e Profil erstallt an eng ëffentlech Ausschreiwung lancéiert. Nodeems den Delai fir seng Demande anzereechen ofgelaf war, huet de Verwaltungsrot vun der ALIA Interviewe mat Kandidate gefouert an eng Recommandatioun un d'Regierung gemaach. Zur Prozedur gehéiert dann och, datt de Kandidat, dee vun der ALIA zréckbehale gouf, vum Regierungsrot muss adoptéiert ginn. Et ass normal an evident, datt esou en oppene Prozess net an zwou, dräi Woche ofgeschloss gëtt.

**2. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Aarbechtsmethod vun der ALIA de gesetzleche Viraussetzungen entspriechen, besonnesch wat d'Entscheedungsfäegkeet an d'Repräsentativitéit vum Verwaltungsrot ugeet ?**

Jo.

**3. Wéi eng Moossname plangt d'Regierung, fir déi tatsächlech Onofhängegkeet vun der ALIA ze garantéieren, besonnesch am Liicht vun de Bedenken, déi vu fréiere Beamte vun der Reguléierungsautoritéit iwwer potenziell politesch Amëschung geäussert goufen ?**

Ënner dëser Regierung ass et déi éischte Kéier, datt fir esou fräi Poste bei der ALIA ëffentlech Ausschreiwunge lancéiert ginn.

Fir dësen oppenen an transparente Prozess och an Zukunft ze garantéieren, ass dës Prozedur och an der Gesetzpropose iwwer d'Mediereform virgesinn. Ausserdeem ginn an Zukunft 3 vu 5 Conseilsmembere vun der Chamber aus der Zivilgesellschaft nominéiert.

**4. Kann d'Regierung garantéieren, datt déi rezent Entscheedungen betreffend RTL an aneren Acteuren aus dem audiovisuelle Secteur, net vun der geschwächter Gestiounsstruktur vun der ALIA, beaflosst gi sinn ?**

Et sief drun erënnert, wéi iwwregens och an den ëffentlech zougänglechen Dokumenter nozekucken ass, datt et an der Vergaangenheet reegelméisseg zu Entscheedunge komm ass, déi net vun alleguer Verwaltungsrotsmembere geholl goufen, z.B. wann net all Member konnt un der Reunioun deelhuelen. Da sief och op d'Äntwert op d'Fro 2 verwisen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier
ministre, chargée des Médias et de la
Connectivité

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE